



16.12.2017



p:

### ***Bearbeiten-Optionen-Aktivitätsprofil-bei Routing wielen:***

- \*Kürzere Zeit
- \*Vermeidung von Straßentypen: unbefestigte Straßen
- \*Vermeidung von Merkmalen: näicht uklicken
- Kontrolléieren: ***Geräteübertragung***: näicht uklicken

### ***Wichtig:***

Op dem GPS-Gerät muss dat och gemaach ginn:

### ***Einstellungen-Navigation-Routenpräferenz :***

- \*Kürzere Zeit
- \* ***Neuberechnungsmodus*** aus
- \* ***Vermeidungen***: (uklicken)
  - Kehrtwenden
  - Verkehrslage
  - Fahrgemeinschaftsspuren
  - Unbefestigte Straßen

## **2- Toureplanung am Basecamp:**

***An der Bibliothéik-ungelistete Dateien-riets Mausclick-Neue Liste-Numm ginn- z.B. ,Test1'- markéieren***

***Oder: Datei-Neu-Liste-Numm ginn z.B. ,Test1'- markéieren dann (2 Methoden)***

***Datei-Neu-Route*** (op der Kaart muss e Bläistëft optauchen)

Oder: ***direkt op d'Routesymbol*** goen (3 gréng Karoen)

E puer Haaptpunkte setzen: Ufank, eventuell e puer Zweschenzieler (muss awer net sinn...), Schlusspunkt

(De Sënn besteet just dran eng ongeféier 'Route' festzeleeën)

Dann:

Di richtig Stréck gëtt mat 'zéien' festgeluecht; 2 Methoden:

A- Op 'Route goen, ***riets Maustast, -In Route einfügen***

B- Op 'Route' goen, e puer Sekonne waarden, et geet eng Fënster op, 'Alt'drécken an halen, mat Lénksklick halen an d'Route op di nei Stréck zéien.

***Den Ufank oder Schlusspunkt kann een och mat der 'Alt'tast réckelen***

*Fir e Punkt ze läschen:*

***Op d'Stréck mat riets klicken-öffnen-Punkt erauswielen-delete-(de Programm weist en Track un-neu berechnen***

**3- Späicheren (um PC):**

***An 'Der Bibliothék' a 'Meine Sammlung' dee richtigen 'Dossier markéieren -Datei-exportieren-Zielordner uginn-späicheren***

**4- Op de GPS exportéieren:**

(D'Gerät muss um PC hänken a vum Basecamp erkannt sinn; dat gesäit een ënnert der 'Meiner Sammlung', dass d'Späicher vum Gerät (Internal Storage a Memory Caard mat dem Kaartematerial ugewise gëtt) erkannt sinn.)

***Dossier a 'Meine Sammlung' uklicken-'Gerät' an der Menuleescht wielen- z.B. ,Test1' an das Gerät senden oder Auswahl(eenzel Strécken) an das Gerät senden.***

**5- GPX Dateien importéieren**

***Ungelistete Dateien-Neue Liste-Numm uginn (z.B. ,Test2')-markéieren-Datei-In ,Test2' importieren.***

D'GPX Dateie müssen natierlech virdrun op dem PC ofgespäichert ginn.

E gudde Rot: Ëmmer fir d'éischt de Basecamp opmaachen an net vun der Späicherplaz um PC einfach uklicken. Du hues soss nämlech x-Versiounen vu ‚Basecampplazen‘ op an et gëtt eng fierchterlech Onuerdnung.

## **6- Allgemeng Bemierkungen:**

-D’Kaartematerial vu Basecamp a Gerät soll dat selwecht sinn.

-Nom ‘an Gerät senden’ ass et an der Memoire vum GPS, mee et ass nach net ‘aktiv’. Et muss nach vum GPS berechent ginn fir an de ‘Routen’ opzetauchen.

-GPX-Date sinn keng Kopie vun enger Stréck, mee et gi just Weepunkten iwwerdroen, déi de Programm (Basecamp oder aner Programmer) resp. de GPS muss zu enger Stréck zesummebastelen. Wann also d’Astellungen oder d’Kaartematerial ofwäicht, da ginn et eventuell Ënnerscheeder an der Stréckeféierung. Dofir :

-Ëmmer nom eroflueden Stréck um GPS mat der Stréck um Basecamp vergläichen.

-Kläng Differenzen (e puer km) si bei enger ganzer Dagesetapp ze toleréieren.

-An enger Uertschaft kennen et kléng Differenze vun engem Gerät op en anert ginn, ouni dass de ‘Leader’ automatesch sech geiert muss hunn. Z.B. huet all Gerät/Programm ongeféier Duerchschnëttseschwéendegkeete fir all Stroosentyp aprogramméiert a well mer op ‘kürzere Zeit’ fueren, ginn et dann eventuell kléng Differenzen am Berechnen vun der Streck, ouni dass een e Feeler gemaach huet.

### **-Eppes gaanz Wichteges zum Schluss:**

Fir di Leit mat z.B. dem Garmin 590, 595, BMW Navi 5 a 6, déi e verpasste Weepunkt net automatesch iwwersprangen:

Virum Eroflueden kann een d’Weepunkten ‚ent‘markéieren, esou dass se net méi musse vum GPS/Motorrad iwwerfuer ginn: Dofir:

***Eng ‚Route‘ opmaachen (riets Maustast, öffnen), de Weepunkt mat der rietser Maustast uklicken, ‚Kein Alarm‘ uklicken.***

Et voilà, vill Gedold,



*Pol*